



E klénge Compte rendu “Bass du Mega”

vum Gespréich vun der Mme Hetto matt de Schüler am LAML 06.07.2010

Den 06.Juli wor d’Madame Françoise Hetto-Gaasch ëm 10h00 direkt no der Moiespaus am Lycée Aline Mayrisch zu Mäerel virun de versammelte 7 Klassen vum Niveau “2ième” zu Gaascht.

No der frëndlecher Begréissung duerch den Häer Direkter Ternes am Schoulhaff goug et dann direkt weider an de grouse Versammlungssall 004, wou da schonn den Häer Weyler, Prof a Chancegläichheets-Déléguierten am Gebai, op séng Gäscht gewaart huet.

D’Table ronde war schonns opgebaut an enger flotter Coulisse vun Informatiounsstänn a Projektionen, déi vun zwee Memberen vun der Agence COMED viirbereed gi waren an net wäit eweg stoung och den Dësch mat allerlei Gadgets a Stickeren déi d’Campagne begleeden an illustréieren.

Et gouf du gewaart, dass d’Paus zu Enn koum an dunn hunn d’Schüler, iwwer 110 un der Zuel, diszipliniert am Sall Plaz geholl.

Kuerz duerno ass et dunn och roueg ginn an den Häer Wilwers vun der Agence COMED huet mat enger projezierter Présentatioun als Introduktioun mol souwuel d’Campagne “MEGA” wéi och den Internet-Site, deen dozougehéiert, viirgestallt.

D’Schüler haaten dunn d’Geleegeenheet vum Häer Weyler mat engem kuerze Briefing, ënnermoolt mat enger flotter Power-Point-Présentatioun, direkt an d’Matière agetaucht ze ginn.

Véier Schüler (dräi Meedercher an ee Jong) soutzen un engem Dësch onwäit der Ministesch, niwt däre den Häer Weyler plazgeholl haat.

Dëss Schüler waren auserwilt fir Froen am Numm vun de versammelte Klassen un d'Ministesch ze stellen, si hu souzesoen als Intermédiaire tëscht de Klassen an dem Ministère funktionnéiert.

Nom Häer Weyler sénger Introduktioun an der Viirstellung vu séngem Gaascht, goufen dunn och di éischt Froen no Themeberäicher gestaffelt, wéi se um Site "echsimega.lu" als Rubriken eremzefanne sinn, vun der Schülerdelegatioun gestallt.

Deen éischten Interesseberäich war dann, wéi um Site, als "YOUTH & FAMILY" klasséiert.

Als éischt huet ë Meedchen vun der Schülerdelegatioun gefrot wéisou d'Ministesch dann iwwerhaupt décidéiert hätt, op d'Jugend zouzegen a sie direkt unzeschwätzen, wat si sech prinzipiell als Ziel vun der Campagne erwaarde géif.



D'Ministesch sot dorobber hinn, dass dëss Campagne virun allem sollt zum Emdenken an de Käpp vun de Leit ureegen an den idealen Usatzpunkt ass deementspriechend bei der Jugend, well wat ee Leit méi fréih mat deenen Iddien konfrontéiert, wat se natierlech méi Zäit hätten, dat op sech wierken ze loossen.

Ausserdeem sinn di Jonk vun haut schliesslech d'Erwuessen vun muer a wann een déi scho mat an dee Prozess mat abezéihe géif, da kéinten déi dann och effektiv an Zoukonft eppes änneren a wann sie selwer spéiderhin mol Décisiounen huele géifen, da kéinten sie vläit dann éischer och déi Prinzipien an Iddien applizéieren.

De Ministère fir Chancegläichheet probéiert iwwert de Wee vu Communicatioun Rollebiller vu Fraën a Männer a verstoppte Clichéen visibel ze maachen an ë Mentaltéitswiessel bei de Leit erbäizeruffen. Et gin natiirlech net nëmmen Senisibilisatiouenskampagnen lancéiert, mee och eng Rei Etuden gemaach oder subventionéiert . D'Themen déi Männer a Fraë betreffen sinn op allen Niveauën an der Gesellschaft: Schoul, Aarbescht, Famill, Gewalt doheem, Prostitutioun.... Et gin och mol ganz speziell Themen behandelt wéi den "Transgender", also Leit déi sech weder als Fra nach als Mann spieren.

D'Schüler wollten dorobber hinn nach wëssen ob et gewollt gewiecht wier, dass di Photoen, déi d'Revue bei hirem Interview mat der Madame Hetto an enger Ausgab vum September 2009 bäigesat hat, si bewusst als di perfekt Hausfra a Familljemamm stiliséieren géifen. Et gouf sech säitens de Schüler gefrot, ob dat nët e bëssi mat hire politeschen Iddien am Widersproch stoe géing.

D'Madame Hetto huet du gemengt, dat wäer awer net onbedéngt esou ze verstoen, si wäer eben e Familljemensch a géif versichen Famill a Beruff, sou wäit et goe géng, ënnert een Hutt ze bréngen. A well si numol als Hobbi passionéiert gäere kache géif, käint een se kaum anescht oflichten bei hirer Fräizäitbeschäftegung wéi numol an der Kichen.

Woumadder mer och scho beim zweete Volet vun de Schülerfroen ukomm wäeren, dem Beräich "WORK".

D'Schüler hu gefrot wéi et da lo mat deem "Plafond de verre", vun deem si an de leschte Wochen an der Schoul sou vill héieren a geschwat hätten, zu Lëtzebuerg stéing.

Dëse gliesene Plafond ass effektiv méi wäit verbreed, wéi een dat dobausse mengt. Et handelt sech heibäi ëm di onsiichtbar Blockad déi et verhënnert, dass Fraen am Berufsliewen trotz scheinbarer Gläicheet am Betrieb dach net oder nëmme bedingt an hire Carrièren sou wéi d'Männer avancéiere kënnen an an de Viirstänn vun deene Betriber dann och net allzevill Fraen erëmzefanne sinn. Natierlech läit et an der Natur vun der Saach, dass dëss Blockad vu baussen sou wéi vu bannen nët ëmmer kloer siichtbar a meeschtens och mol nët onbedéngt vun der Firma sou gewollt ass.

Dacks weist sech numol an der Praxis, dass Fraen eben wéinst Kanner an/oder Famill mol hier Carrière ënnerbrach hunn oder duerch ë mi-temps déiselwecht

ofgeschwächt hunn sou dass se dann nët méi mat dë Männer vergläichbar avancéiere kënnen.

Aus ähnlechen Uersaachen géife se dann och dacks vun den Direktiounsviirstänn "iwwersi" ginn, falls do mol Posten fräi géinge ginn.

D'Schüler haken dorobberhinn no a wëlle wëssen, wéi een däer Saach da kéint entgëintrieden a wat dem Ministère séng Agrëffsméiglechkeeten eigentlech sinn.

Primäer kann dë Ministère haaptsächlech Campagne bedreiwen wéi dëss hei fir dë Probleem, deen als Blockade, Traditioun oder viirgefaasste Meenung am Kapp vun dë Leit existéiert an sech hält, mat aneren Iddien, mat frëschem Wand, mat Ureegung an Inspiratioun unzegoen.

Eng Iddi léisst sech eenzeg an eleng mat enger anerer Iddi bekämpfen.

Wann elo awer iwwert eng Enquête zum Beispill bei den action-positiven an enger Firma erauskënnt, dass do eng Ongläichheet tëscht Mann a Fra bei gläicher Tâche a gläicher Aufgab besteht, da gët dee Patron och opgefuerdert, dat ze berengegen, falls en refuséire géif, kann di Saach dann op den Instanze-Wee geleed ginn an d'ITM informéiert ginn.

Domadder wäer dee Beräich dann och ofgedeckt an et goug iwwer zum leschten Volet vu Froen, déi vun der Schoul viirbereed goufen, dem Volet "POWER":



Eischt Fro heizou huet sech dann och op d'Paritéit bezunn. D'Schüler wollte vun der Madame Hetto wëssen, firwat bei hier an der Partei net eng mi streng Quoteregelung bestoe géif.

D'Ministesch huet d'Gelegenheet ergraf fir d'Fro mol ëmzedeéieren an d'Schüler direkt no hirer Meenung ze froen.

Ass eng Quoteregelung am Beruff prinzipiell eng wünschenswäert Saach ?

An der Politik zum Beispill ginn et ëmmer nach méi Männer wéi Fraen, mee kann een dat duerch forcéieren wierklech änneren? Ginn et genuch Fraen, déi sech fir Politik interesséieren? A souguer an deene Beräicher wou dat esou ass, stellt een onweigerlech fest, dass FRAEN net onbedéngt och FRAE wíelen, ganz dacks vertrauen Fraen an der Politik net a si trauen hinnen och net zu, ë Land gerecht a kompetent leeden ze kënnen.

Do misst een vläit éischer d'Fraen och emol motivéieren an ermutegen, dass se sech méi fir d'Politik interesséieren an da géife se vläit selwer enges Dags décidéieren, dee Wee do anzeschloen.

Ausserdeem, mengt d'Mme Hetto op enger perséinlecher Nout dozou, dass sie selwer net nëmme just eng "Quotefra" wéilt sinn, eng Dame déi just dobäi ass fir d'Paritéitsregelung z'erfëllen amplaz eng déi do ass well se dat effektiv WÉLL.

Dat huet d'Schüler dann nodenklech gemaach a sie wollte wëssen wat et dpmadder op sech huet, dass d'Gläichheet, wa se an deem Moss wéi mer se elo kennen an der Gesellschaft an am Beruff weiderbedriwwen géif ginn, sech eréicht nom Joer 2.450 astelle géif. (laut Informatiounen um MEGA-Site)

D'Madame Hetto huet hinnen du g'äntwert, datt et wuel laangfristeg d'Ziel vum Chancegläichheitsministère wier, sech selwer ofzeschaffen, also duerch Iwwerzeegungsaarbecht an Impulser sou wäit d'Mentalitéit vun de Leit z'änneren dass et Gläichheet tatsächlech géif an der Realitéit ginn an et esou ë Ministère guer net méi bréicht ze ginn.

Dat wäer schlussendlech dann och de Grond fir eng Campagne wéi di doten an d'Schoulen ze bréngen, et wäer jo ëmmerhinn der Jugend hier Chance souwuel wéi och hiren Optrag, ab elo schonns Gedanken wéi dat doten an hirem Liewen op sech wierken ze loossen an och ze praktizéieren, da wäere si sëcherlech spéiderhinn Erwuessener vun engem anere Kaliber a géifen hier zoukënfteg Gesellschaft no méi faire Mustere kënnen opbauen kënnen.



D'Idealbild an deem Kontext wäer, wa méi Leit sech fir "geschlechtsontypesch" Beruffer géifen entscheiden, dat heescht, wann ee méi Fraen a "Männerberuffer" erëmfanne kéint an deementspreechend och méi Männer a "Frae-Beruffer".

Fraen hätten hautdesdags zum Beispill ëmmer nach dacks Beruffer z'ergräifen, déi en héchstméiglech Kompatibilitéit opweisen mam Familljeliewen spéiderhinn, also alles am Hibleck op de Wonsch Kanner ze kréien an eng Famill kënnen ze grënnen, während Männer vill éischer dozou neige géifen, sech dee Beruff erauszewielen, dee si wierklech maache wëllen.

Och do wier et awer gutt, wann an de Beruffer insgesamt méi en Equiliber wier tëscht Fraen a Männer. Dat beräichert d'gesellschaftlecht Liewen a géif verschidde Beruffer och méi valoriséieren.

Domadder waren d'Froen vun der Délégation vun jonke Leit aus der Schoul dann och gedeckt an d'Diskussioun gouf op de Public ausgedehnt, deen interesséiert nogelauschtert haat an elo schonns bänzeg drop war, der Ministesch e puer Froen aus eegener Iwwerleeung spontan ze stellen.

Et gouf du gefrot ob een den GENDER, also d'Rollerverständnis an –opdeeling souwéi Verhalen mat an d'Wéih geluecht kritt, oder op dat sech réicht spéider am Gesellschaftsliewen sou erauskristalliséiert.

Dozou soot d'Madame Hetto ganz kloer, dass d'Egalitéit doheem ufänke géif an dass ee Rolleverständnis a Verhalen vun den Elteren schonns als Kanner matverméttelt kritt. Et géing an dësem Sënn och drëms goen d'Elteren ze responsabiliséieren an hinne bewosst ze maan, dass se do vläit Rollefestleeung a –verständnis hire Kanner (vläit onbewosst?) matverierwen.

Ee Schüler huet dunn d'Fro opgeworf, ob et net wünschenswäert wier, dass Mammen kéinten doheem bleiwen well et eben vun der Natur sou viirgesi wäer, dass sie sech besser ëm d'Kanner këmmere kéinten.



Hie kruut g'äntwert dass Fraen am Duerchschnëtt besser sozial Kompetenzen hätten wi d'Männer a sie et duerchaus a Beruffer an deenen et op

Kommunikatioun ukënnt, enzwuerch hi brénge kéinten amplaz just e stommt "Heimchen" ze bleiwen, ausserdeem ass dee viirgeschloene Modell net mi aktuell an onser Gesellschaft an d'äer et zu Ronn 50% Scheedunge kënnt bei deenen die uewegenannten Hausfraen dann dacks an d'Aarmut oder knapps un der Aarmutts-Grenz verbäirutschen, well se nie eng Nennenswäert Carrière zesummekruuten duerch schaffen, wat och spéider hinnen kaum Accès op eng Alterspensioun gët.

Besser wäer et also, wann eng Koppel kéint sech alles sou opdeelen dass di zwee Partner kéinten béid eng Tâche zu jeweils 75% schaffen.

Mee et gin awer och Zeechen, datt eppes sech ännert : de congé parental deen gesetzlech viirgesin ass, fir den Elteren et ze erméiglechen e puer Méint bei hiere klenge Kanner ze bleiwen gouf virun 10 Joer nëmmen vu 6% Männer genotzt. Haut sin et awer schon 26%.

Ee Schüler huet fonnt, datt haaptsächlich iwwer Fraë geschwat get a fäert, dat kéint alles an eng nei Diskriminatioun op der Säit vun de Männer ausarten.

D'Mme Hetto insistéiert nach eng Kéier drop, datt de Ministère net nemmen Fraën ënnerstëtzt, mee d'Gläichheet téscht Fraën a Männer ënnerstëtzt. Et sollt een och Männer an typësche Fraendomainen net ënnerschätzen an hinne mol eng Chance ginn, hinne méi zoutrauen. Fraen a Männer kéinten sech eben duerch hier ënnerschiddlech Talenter a Fähegkeeten ideal ergänzen an et sollt een dat verstärkt emol ënnerstëtzen, also ë ganz kloert "Mateneen" amplaz vun engem "Géinteneen" vu wéienger Säit och ëmmer.



En anere Schüler gët dann och ze bedenken, dass am Sport ënnert anerem d'Diskrepanz tëscht Mann a Fra och nach rise grouss ass an sech keen dorunner ze stéire schéngt.

Sou géifen zum Beispill am Futtball Männer-Equipen ouni weideres gesponsort ginn während Dammen-Equipen just dann eng Chance op Sponsoring hätten, wa se och gewanne géifen.

2011 ass d'Futtballweltmeeschterschaft vun de Fraën.

D'Mme Hetto informéiert, datt Jonglenster (déi Geméng wou si wunnt) elo houfreg ka sinn op den Doublet vun hirer Fussballs-Dammenéquipe.

Déi huet nämlech Enn Mee niewt dem Championnat och nach d'Coupe de Luxembourg gewonnen. En exploit, dee leider an dë Medien nët déiselwecht Verbreedung fonnt huet, wéi dat elo zum Beispill den Härefussball hei am Land kennt.

Fraen am Sport missten insgesamt vill méi u Leeschtung bréngen, ier se hiren Effort unerkannt géife kréien.

D'Mentalitéiten änneren nëmmen ganz lues, an esou eng Aktioun wéi d'Campagne Echsimega soll positiv ureegen fir nozedenken. Dat ass d'Ziel dovunner.

D'Mme Hetto sot Merci fir dat flott Gespréich an huet jiddereen opgeruff fir sech méi an der Gesellschaft ze engagéieren, wéi zum Beispill am Jugendparlament. Do steet och eng Informatioun doriwwer um Site echsimega.lu.